mouvement écologique

de Kéisecker info

Périodique du mouvement écologique a.s.b.l.

6, rue Vauban
L-2663 Luxembourg

Tél.: 43 90 30 1
Fax: 43 90 30 43

meco@oeko.lu
www.oeko.lu

CCP LU16 1111 0392 1729 0000
BCEE LU20 0019 1300 1122 4000

No 1/2018
Paraît au moins 12 fois par an

EDITORIAL

Léiwe Member,

Direkt fir d'neit Joer kritt Dir e klenge Kéisécker-info vun eis, mat enger ganzer Rei (neien an och scho bekannten) Terminer, déi mir nach eng Kéier wollte matdeelen.

Se gi vu mi labbere Veranstaltungen - wéi eisen relaxen Owend mat Fräiheetslidder - iwwert Memberforen fir d'Nationalwale bis zu neie Projeten am Oekosoph.

Mir hoffen, datt déi eng oder aner Veranstaltung Iech interesséiert! Kommt roueg laanscht, och wann Dir bis elo nach net esou op eis Veranstaltungen komm sidd.

2018 gëtt erëm en dynamescht Joer am Mouvement. Mir hoffe weiderhin, datt eis Aktivitéiten an Ärem Sënn sinn a soen Iech Merci fir Är Memberschaft.

Ob alle Fall wënsche mir eis e gutt Virukommen an den Dossieren, fir déi mir all gemeinsam astinn an Iech e gutt neit Joer.

Nationalwalen, Quiz, Wanderung, Fräiheetslidder...



NATIONALWALEN 2018 - MEMBERFOREN

Nationalwalen 2018 - Memberforen fir d'Erstellung vun den Ureegungen vum Mouvement Ecologique

2018 stinn d'Nationalwalen an d'Haus... an natierlech erstellt de Mouvement Ecologique Propose fir dës Walen. Duerfir organiséiere mir och erëm thematesch Memberforen, op deene mir eis Proposen diskutéieren.

Et wier flott, wann eng Partie Memberen un dëse Foren géingen deelhuelen. Kommt laanscht: och wann Dir soss net esou aktiv sidd am Mouvement. Bréngt Är Iddien an, oder notzt einfach d'Méiglechkeet vun engem Austausch an engem labere Kader, och wann Dir net esou am Thema dra wäert.

W,e,g, mellt Iech onbedéngt un, fir datt mir Iech am Virfeld kënnen all Ënnerlagen zoustellen an och genuch Iesse virgesinn (resp. datt mir Iech kéinte Bescheed soen, wann eppes dertëschent kéim). meco@oeko.lu, Tel. 439030-1.

D'Fore si jeeweils vun 18.30 - 21.30 am Oekozenter Pafendall, 6, rue Vauban, Stad! Fir eppes Klenges ze iessen ass natierlech gesuergt. Folgend Terminer sti scho fest:

* Fir méi en demokratescht a nohalteg Lëtzebuerg, Dënschden, 16. Januar 2018

Virschléi am Beräich Demokratie a nohalteg Entwécklung: Wéi eng Initiative kënnen ergraff ginn, fir d'Informatioun an d'Participatioun auszebauen? Wéi eng Verbesserungen um gesetzlechen Niveau sinn néideg? Wéi eng Instrumenter ergräifen, datt de Gesellschaftsmodell Lëtzebuerg méi nohalteg / zukunftsfäeg gëtt? ...

* Energie a Klimaschutz: villes bléift ze maachen / Fir e neie Wirtschaftsmodell, Donneschdes, 25. Januar 2018

Wéi eng nei Akzenter musse gesat ginn, datt Lëtzebuerg viru kënnt am Klimaschutz, am Ausbau vun den Erneierbaren, dem Energiespueren an der Energieeffizienz? Wat kann a soll d'Politik steieren? Wéi och kann eise Wirtschaftsstanduert méi nohalteg gestallt ginn? Wéi eng grondsätzlech Schrëtt wären an d'Wee ze leeden? Wéi eng Instrumenter ze ergräifen?

* Fir eng besser Ëmwelt- a Waasserwirtschaftspolitik an e verstäerkte Gesondheetsschutz, Mëttwochs, 7. Februar

Wat maache fir eng besser Loftqualitéit, manner Offall, manner Ressourcëverbrauch? Wéi eng Akzenter wären am Waasserwirtschaftsberäich néideg? Wéi och de präventive Gesondheetsschutz virun dreiwen?

Cotisatioun 2018

Léiwe Member,

Mir wollten Iech drun erënneren Är Cotisatioun 2018 fir Är Memberschaft am Mouvement Ecologique ze bezuelen.
De Mindestbäitrag ass 50.- Euro (Studenten an Aarbechtsloser 20.- Euro), d'Cotisatioun fir en Haushalt kascht 75.- Euro.

Mir wiere frou, wann Dir Är Cotisatioun op eise CCPLLUL IBAN LU16 1111 0392 1729 0000 oder
BCEELLUL IBAN LU20 0019 1300 1122 4000 géift iwwerweisen.

Villmools Merci fir Är wäertvoll Ënnerstëtzung !

De Mouvement Ecologique luet seng Memberen häerzlech an op säi gemittlechen Owend

mat Lëtzebuerger Fräiheetslidder: Eng musikalesch-politesch Rees duerch d'Lëtzebuerger Geschicht an engem leckere Menü

Freides, de 19. Januar 2018 um 19.30 Auer zu Stroossen am Restaurant "Origine Provençale", 40-42, rue de l'Industrie



Dëst Joer hate mir keen Ofschlossfest vum Joer organiséiert, duerfir freeë mir eis Iech op e gemittlechen Owend am Ufank vum Joer anzelueden.

An eiser gudder aler Traditioun gëtt et en flotte kulturelle Programm, gutt ze iessen…

Um Programm:

- E lackelt Iessen, natierlech och fir Vegetarier;
- Lëtzebuerger Fräiheetslidder - Eng musikalesch-politesch Rees duerch d'Lëtzebuerger Geschicht mam Elisabeth Johannesdottir, Natasa Grujovic, Jean Bermes a Georges Urwald. Konzept, Musek- an Textauswiel: Marc Limpach a Georges Urwald

D'Equipe vun de Fräiheetslidder trëtt net all ze oft op, ma iwwerall do wou si ass, stousse si op grouss Begeeschterung. Duerfir ass et besonnesch schéin, datt si op den Owend
vum Mouvement Ecologique kommen.

Beschreiwung vum Programm: Besser wéi vill aner historesch Quelle kënne politesch an engagéiert Lidder d'Gefiller vun einfache Mënschen aus dem Vollek hannert den historeschen Evenementer konservéieren an ëmmer erëm frësch ausdrécken: hir Freed, hir Ängscht, hire Stolz, hiren Humor, hir Roserei an hier Trauer. An dësem Programm héiere mer Lidder géint Ënnerdréckung, fir Onofhängegkeet, fräi Meenungsäusserungen, Gedankefräiheet, Gläichheet *virum Gesetz a sozial Gerechtegkeet.* Déi Lidder gi vum Georges Urwald frësch arrangéiert an zum bessere Verständnis a kuerz Extraiten aus deemolegen Zeitungsartikelen agebett."

Um Menü steet:

* Tartine chèvre miel noix / mozza épinard tomate .. a Form vun enger Bruschetta
* Buffet mat e.a. Vegetareschem Plat - Grillade Bœuf - Grillade Saumon - frëschem Bio-Geméis...
* Buffet mat 2 D**esserten:** Schockelaskuch an Äppeltaart.

Preis: 40 Euro (Fräiheetslidder, Menü, inkl. Waasser a Kaffi)

Dir musst Iech **umelle bis den Dënschden, de 17. Januar um 14.00 Auer** via Tel. 439030-1 oder meco@oeko.lu. (P.S. Wann Dir Iech umellt an un enger Fahrgemeinschaft interesséiert sitt, kënne mäer däer hëllefe vermëttelen.)

Den Oekosoph luedt an op 2 extra Veranstaltungen

Diversitéit vun Notzdéierrassen erhalen

mat Spezial-Menü, Donneschden, de 25. Januar 2018 ab 19.00 am Oekosoph

Am neie Joer wëlle mir heiansdo Donneschdes extra Owender am Oekosoph ubidden… Mat Musek, extra Platen, ganz kuerze "Virträg"…. Mir si frou Iech op en éischten esou een Owend alueden ze kënnen. De Motto vum Owend ass:

Diversitéit vun Notzdéierrassen erhalen!
Wéi sinn se entstanen, hier Bedeitung fir d'Landwirtschaft vu muer !

De Roger Schauls, Biolog, wäert an 2 kuerzen Interventioune vun ongeféier 15 Minutten déi erstaunlech Diversitéit vun den alen Notzdéierenzorte virstellen: wéi sinn se entstanen, wat ass hir Bedeitung an enger landwirtschaftlecher Produktioun vu muer, am Respekt vum Déiereschutz.

De Lou Steichen vum Restaurant Äppel a Biren wäert eis e besonnesch leckere Plat vun esou engem alen Hausdéier preparéieren: "Côtes de porc Grand Mère" vum «Bunten Bentheimer Landschwein» mat 3 Zorte Püree an als Entrée eng Zopp vun ale Geméis-Zorten. E Plat, deen een hautdesdaags net méi esou oft gebuede kritt.

Natierlech gëtt och e gudde vegetaresche Plat gebueden! Den Owend (Menü a Virträg) kaschten 28 Euro.

Dir musst Iech onbedéngt umellen an zwar bis Méindes, den 22. Januar 2018 via Gréngen Telefon: 439030-1 oder email: meco@oeko.lu

Quizowend am Oekosoph: „Fuesseditioun", Freides den 9. Februar 2018 ab 18.00.

Mir invitéiere häerzlechst op déi mëttlerweil 6. Editioun vun eisem Quizowend am Oekosoph. Och dës Kéier kënnt Dir Ären Intellekt zu den all/on-méiglechsten Themen ënnert Beweis stellen.

Mais: et ass wuel deen eenzege Cafésquiz am Land, wou et net eleng op Wëssen ukënnt. Fir d'Fuesseditioun, hu mir eis natierlech och kulinaresch erëm eppes afale gelooss. Et gëtt Chilli mat an ouni Fleesch an de Glühwäin dierf natierlech och net feelen.

Gespillt gëtt a Gruppen (d'Gréisst vun de Gruppen hänkt vun den ageschriwwene Leit of). Entweder Dir kommt schonn an enger oder dir paakt d'Geleeënheet mam Schwanz a léiert nei Leit kënnen.

Wann Dir Iech wëllt op de Quiz an op déi gestallte Froe virbereeden, da mengt alt!

Aschreiwe kënnt Dir Iech ab 18h00 sur place am Bistro (3 Euro). Um 19h00 fänke mir mam Quiz un.

Duerfir: kommt laanscht, stëbst ee vun de ville flotte Cadeau'en of, léiert nei Leit kennen a verbréngt e flotten Owend.

D'Regional Mëllerdall invitéiert op eng geféiert Neijoerswanderung duerch de Mëllerdall mat dem Elisabeth Medinger, Wanderguide aus dem Mëllerdall

Op de Spure vum Löschburmann

Sonndes, den 28. Januar 2018 um 13.00, Rendezvous bei der Bredeler Bréck

Den Depart ass bei der Bredeler Bréck wou e Parking ass (Kräizung Chrëschtnech – Consdorf/ Blummendall – Mëllerdall. Et geet laanscht Ripsmoor, duerch de Marscher Wald a bei déi spektakulär Tuffquellen déi villäicht mat Äiszapen eis d'Schéinheet vum Wanter no bréngen.

D'Wanderung dauert ca 2.5 bis 3 Stonnen (net fir Poussette gëeegent, fest Schong sinn zu dëser Joreszäit e "Must").

Wee wëll mam Bus kommen, Buslinn Altrier-Müllerthal *file:///C:/Users/Hauptnutzer/Downloads/470.pdf* (www.mobilitéit.lu fir all zousätzlech Renseignementer).

Vun der Uertschaft Mëllerdall dann 2,5 km zu Fouss bis un den Depart iwwert den Müllerthaltrail, e markéierte Wee.